Yoink: Drag & Drop „**Pro**“

Yoink

https://eternalstorms.at/yoink/

fir Mac, iPhone an iPad

Wat d’PASTE App fir „*copy/paste*“ ass,
ass **Yoink** fir „*Drag and Drop*“.

Stellt iech folgend Situatioun vir:

Dir hutt grad e neit **Pages** (oder Word) Dokument opgemaach a wëllt lo een anstännegt **Aarbechtsblat** vir ären *télé-apprentissage-iPad-Cours* op d’Been stellen.

Dir schreift e puer einleitend Wierder, formuléiert eng Rëtsch Froen an wëllt lo e ***Bild-*** an en ***Textdokument*** afügen - donierft och nach een ***Link op eng Internetsäit*** an een Screenshot vun engem ***QR-Code*** vir eng speziell App ze starten.

Amplaz dat dir lo emmer rem am Pages (oder Word) am jeweilegen Menu déi verschidden Saachen *afügt* (an virdrun op ärem Harddisk rondremsicht…) resp. *copy/paste* (an tëscht x Säiten hin an hier switched) kënnt dir einfach op **Yoink** vertrauen.

Yoink as een visuellt Oflagfach vir all är **Dateien** (Biller, Video, Audio, Screenshots, URLs, etc.) ze sammelen, bis dat dir se wëllt an enger App weiderverschaffen.

Oflaf:

1. Dir sammelt sämtlecht Material (Dateien) aus de verschiddenen Apps (oder op ärem Harddisk) zesummen an zitt et op d’**Yoink-Oflagfach**.
2. Nodeems dir alles gesammelt hutt, kënnt dir zeréck bei ärt **Pages**-Dokument goen an et ganz einfach aus dem Yoink-Oflagfach an d’Dokument eriwwerzéien.

Folgende Video soll iech d’Konzept besser veranschaulechen:

https://tinyurl.com/wo6woau



Tipp: Kuckt iech och **Yoink fir iPadOS an iOS** un. D’Apps (Mac an iPadOS/iOS) ginn per iCloud synchroniséiert a virun allem als Widget an der *Today View* um Homescreen zimlech nëtzlech.